PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

De Minister fir Mobilitéit huet op d'parlamentaresch Fro n°2629 geäntwert, datt geplangt ass, ee weidere Streckeradar an den Tunnel Markusbierg op der A13 ze installéieren. De Minister begrënnt de Choix vum Tunnel Markusbierg domadder, datt an dësem Tunnel vill Accidenter passéiert wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter gouf et an deene leschten 20 Joer am Tunnel Markusbierg?
2. Wéi vill Accidenter gouf et an deene leschten 20 Joer an all deenen aneren Autobunnstunnellen hei am Land?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député